

Läscht vu Workshopen	max. Zuel vu Part.
Brancheversammlung (Biber-Ekipp) Wat leeft bei de Biber am Scoutsjoer 2022-23 ? Start vum nationale Bibercamp 2023	
Schnëtze fir déi kleng Branchen (Biber-Ekipp) En Täschmesser gehéiert iergendwéi zu all Scout derzou. Firwat also net scho bei de Biber an de Wëllef léieren, wat ee Sënnvolles domat ka maachen a wéi ee sech a seng 9 Fanger schütze kann.	12
Buchbënnerspill, wat ass dat? (Biber-Ekipp) Hu dir iech och schonn ëmmer gefrot wat d'Buchbënnerspill ass? Da kommt bei eis laanscht a léiert e neit Geländespill kennen.	20
Brancheversammlung (Wëllefchers-Ekipp) Wat leeft bei de Wëllefcher d'nächst Joer?	
Workshop Poster (Wëllefchers-Ekipp) Em Wollef säi Wee wëlle mir goen, dofir musst dir eis eppes soen. Zu de 5 Beräicher siche mir vill flott Saachen, déi dir am Ruddel mat de Wëllef kënnst maachen. Wat soll op eise nächste Poster elo drop? Loosst eis Käpp zesummen dämpfen - hop hop hop!	
Brancheversammlung (Avex-Ekipp) Endlech ass et souwäit: den Terraviva 2023 steet virun der Dier. Hei kriss du déi néideg Info'en.	
Wéi molen ech ee Campfändel? (Avex-Ekipp) Komm laanscht an hëllef eis mat verschidde Techniken de Campfändel vum Terraviva 2023 ze molen. An engems kriss du och di wichtegst Info'en zum Camp.	20
Brancheversammlung (CaraPio-Ekipp) Wat leeft bei de CaraPio am neie Joer ?	
Camp Volant Kichen (CaraPio-Ekipp) Wéi kache mer um Camp Volant?	
Brancheversammlung (RaRo-Ekipp) Wat leeft bei de RaRo am Scoutsjoer 2022-2023 ?	
Teambuilding (GruppenEkipp) Klengt Spill wou een als Chefekipp zesumme wuessen kann	
Wat geschitt op internationalen Konferenzen? (i-Ekipp) Du hues dech schonn ëmmer gefrot wat d'I-Ekipp eigentlech op all deenen Konferenzen am Ausland mécht? Fann an dësem Atelier eraus wat mir do esou ofstëmme an wéi dat ofleeft	15
Diversitéit, eng Stärkt fir de Grupp (Programm-Ekipp) D'Guiden a Scouten sinn eng Plaz fir jiddereen, an Diversitéit gëtt bei eis grouss geschriwwen. Mir bidden an dësem Atelier e flotten Austausch a Spiller zum Thema un. Hues du an dengem Grupp schonn Erfahrung mat verschidde Kulturen, Gebräicher oder mat Inklusioun gemaach oder wells de et einfach just wëssen wéi mat de Jonken op eng flott Aart a Weis thematiséieren?	
Kee Material? kee Problem! (Programm-Ekipp) Op engem Camp oder enger Aktivitéit kann et mol virkommen, dass een e puer Minutten Leerlauf huet, well den Bus/ Zuch Verspéidung huet, oder een déi läscht 10 Minutten vun der Versammlung net gefällt kritt huet. Mir stellen iech eng Rëtsch Spiller vir, déi een ouni Virbereedung an ouni Material direkt spillen an iwwerall tëschen duerch abauen kann.	
Vill verschidde Charakteren ënnert een Hutt brengen (Programm-Ekipp) An de Guiden a Scoute komme vill verschidde Charakteren zesummen, wann een do soll eng Maitrise, eng Trupp oder e Grupperot als Chef managen, kann et emol zu Mëssverständnisse, Onkloerheeten bis zu Strait kommen. An dësem Workshop kucke mer eis en einfache Model unhand vun enger grousser Kaart un, wou d' "Welt" vun de Verschiddenheeten vun den eenzelen Charakteren visualiséiert gëtt. Mir fannen eis Plaz op der Kaart a probéieren déi aner Säit ze verstoen - fir esou ze léieren eis Kommunikatioun un deen aneren unzepassen a fir Mëssverständnisse ze reduzéieren.	10
Finanzen am Verband & am Grupp Scoutsfinanzconsulting fir allméiglech Froen zum Thema Finanzen	
Klima-Experimenter (Permanents) Wéi erkennt een, ob Waasser "sauer" oder "basesch" ass? Mécht et een Ennerscheid, ob Äis am Waasser oder am Land schmëlzt? Dat alles an nach méi kënnst dir bei verschidde Experimenter zum Thema Klimawandel erausfannen.	10
Alles ronderëm d'Feier (Ekipp Native Village) Mir baue mat Eisenrohlingen an Hieseltherholz en eegene Firestick. Mir weisen iech verschidde Anzündere wéi Zunderschwamm a gekuelten Jeansstoff. Dëse Workshop ass eng flott Iddie ab AvEx-Alter.	8
Mam Drillbou Feier maachen (Ekipp Native Village)	6

Mat engem Holzdrillbou Feier maachen ass sécherlech Kinneksdisziplin a gouf vu villen Naturvölker ugewannt. Dir kënn mat eise Set'en selwer des Technik ausprobéieren. Donieft kritt dir och Infoen wéi een mat CaraPio oder RaRo selwer een Drillbousset baut.	
Eclade de Moules Out-Door (Ekipp Native Village) An dësem kulinarischen Out-Door Kichen Workshop kréien Chef gewisen wéi een Moulen op eng aner Manéier zoubereede kann, dëst ouni vill Hëllefsmëttel. Mir preparéieren a schmaachen Moulen an der Out-DoorKichen.	6
Komm mat ! eng Scoutsrees duerch d'Welt vun de Reliounen (EAS) E Gänsespill mat flotten, ofwiesslungsräichen Aktivitéiten zu verschiddene Reliounen fir all Branche vu Biber bis Albatrossen. Dëst Spill kritt een och als pedagogesche Koffer auszeléinen.	20
M-E-R-C-I (EAS) Besënnlech Feier am Erënnerungzelt fir am leschte Joer verstuerwe Guiden a Scouten. D'Zelt ass de ganzen Dag iwwer op.	
Beiewuess (Ekipp Nohaltegkeet) Wat genee ass Beiewuess a wéi entsteet en ? Wou fënnt een iwwerall Beiewuess a wéi eng Bedeitung hat e fir d'Mënschen an der Vergaangenheet ? Dat sinn d'Froen, déi am Atelier solle beäntwert ginn an duerno gëtt kreativ mam Wuess geschafft. Mir dréine Käerzen a maachen eng Crème (Sallef).	7
E Scout léisst keen am Stach (Scouts welcome refugees) Wéi ka jidder eenzelen säin Beitrag zur Flüchtlingsproblematik am Numm vun den LGS maachen ? Mir schaffen zesummen Iddien aus wéi d'Gruppen sech hei kënnen am Scoutsjoer 2022/23 engagéieren a wat fir Ënnerstëtzung dass den Verband dobäi ka ginn.	
WTF?! Firwat ech? (Safe from harm - Ekipp) Prakteschen Austausch mat denge Froen aus dem Alldag. Wéi zum Beispill: De Biber soot "Meng Mamma huerelt ëmmer wann... » , mäin Wëllefchen zuckt zesummen wann ech..., mäin AvEx richt no Zigaretten..., mäi CaraPio fährt am Däischteren..., mäi RaRo huet blo Plazen ... Wat brauchst du an denge Versammlungen/Weekender/Camp fir op esou Froen ze äntweren ?	10
Droit à l'éducation et Objectifs du développement durable (ONG « Guiden a Scouten fir ENG Welt ») Kannerrechter am Süden awer och am Norden	10
Holz a Schaffgeschir, Holz räisse, splécke an schielen & Challenge (asbl) Wéi eng Holzsorte ginn et fir Lagerfeier, Patullekichen, Konstruktiounen? Wéi e Geschier gehéiert an eng Patullekëscht fir Holz ze seeën, ze räissen an ze schielen? Mir léieren Konstruktiounsholz ze schielen, Spéin ze maachen fir Feier unzufänken, mir räissen Holz op engem Bock mat verschiddenem Geschier, vu Beil bis Aaxt, mat oder ouni Käil. Firwat ass et sënnvoll Konstruktiounsholz ze schielen a wéi halen ech mäi Schaffgeschier an der Rei, z.B. eng Aaxt Schaerfen oder Naatzen am Beil ewechfeilen. Drummseeën ass e Mëttel zum Zweck an anengems Teambuilding, dselwecht wéi dat geschielten Konstruktiounsholz an enger Gemeinschaftskonstruktioun ze verschaffen.	10
Matbestëmmung bei den LGS (vum de Permanents, dem «Zentrum fir politesch Bildung » an «Anefore ») Wéi kann ech d'Kanner an déi Jonk aus mengem Grupp / aus menger Branche aktiv mat abannen? Wéi kann ech hinnen d'Méiglechkeet ginn fir Matzeschwätzen, Matzegestalten a Matzebestëmmen? Kommt mat eis Diskutéieren. Mir stelle verschidden Iddien a Projete fir wéi dir d'Participatioun an d'Matbestëmmung an ärem Grupp stärke kennt.	15
Start deng eege Waasserrakéit (vun « ESERO») An dësem Workshop kënnst dir är eege Waasserrakéit starten! Den Challenge ass et, d'optimal Kombinatioun vum Drock vun der Loft an der Rakéit, der Quantitéit Waasser an der Rakéit an dem Ofschosswénkel ze fannen esou dass d'Rakéit esou no wéi méiglech un dat Schwaarzt Lach eru kënnst, dat 65m vum Startpunkt entfernt ass an duerch ee Pneu duergestallt gëtt.	8

Wann s du sécher wëlls eng Plaz hunn, kanns du dech am Laf vum Dag beim Atelier selwer op eng Lëscht aschreiwen.

Löscht vu permanente Stänn	max. Zuel vu Part.
BigBag XXL Sackhüpfen (RaRo-Ekipp) Zwee Bigbagen mat jeeeweils 4 Leit hopsen ëm d'Course. D'Zäit gëtt gestoppt an di schnellsten Ekipp vum Dag huet sech ee Set RaRo-Pullovere verdéngt.	8 Leit gläichzäiteg
KungFu RaRo (RaRo-Ekipp) Hei gëtt dem RaRo seng Balance op d'Prouf gestallt.	4 Leit gläichzäiteg
Infostand (FormationsEkipp) Hues du Froen zur Formatiounen oder zu denger Ernennung? Sichts du Formatiounen zu bestëmmten Themen? Wëlls du wësse, wat et Neies an der Formatioun gëtt? Hues du Froen zu Brevetenen ? Bass du mat der Formatioun am gaangen a wëlls wësse, wéi et weider geet ? Komm bei eis a mir kucke fir Äntwerten ze fannen	
Ween ass de beschte Grupp am Land? (GruppenEkipp) Mir sichen déi bescht Chefekipp. Kommt iech a kleng Spiller bei eis beweisen a sammelt Punkten. Den Gewënnergrupp erwaart ee flotten Präis nom Chefdag.	
Native Village Info an Umeldungsstand fir d'Aktivitéiten vun der Ekipp	
M-E-R-C-I (EAS) Mir erënneren eis un 22/23 verstuerwe Guiden a Scouten, wat mer Flottes mat hinnen erlieft hunn, wéi si den LGS lokal an national gedingt hunn, ...	
LGS-Shop by Lessure Workwear Expo a Vente vun ausgewielten Artikelen aus dem Shop Info iwwert d'Chaleten an de'Campplazen Bilschdref, Neihaischen a Fënsterdall.	
To Be or not to B.P. !? (Gilwell-Ekipp) Am Summer 2023 ass erëm ee Gilwellcamp, eng flott Méiglechkeet, fir eng Woch laang mat aneren engagéierten Chef nozedenken, ze diskutéieren a fir dech selwer, däi Grupp an de Verband weiderzebréngen. Komm bei eis laanscht an entdeck d'Thema: To Be or not to B.P. !?	